



5. Question élargie n°17 de M. André Bauler sur le tourisme de congrès et en milieu campagnard

► **M. André Bauler (DP).** - Merci, Här President. Den Tourismus spillt sech an Europa villfach an de Stied an op de kllassesche Sonnenplagen of. Awer och de ländleche Raum huet ouni Zweifel touristesch Potenzial. Dofir wollt ech d'Madamm Statssekretärin froen, wat fir eng Akzenter d'Regierung setzt, fir den Tourismus am ländleche Raum ze stäerken, besonnesch am Beräich vun der sougenannter Naherholung.

Gëtt et Statistiken a Form vun absolutten Zuelen, déi et erlaben, sech en objektivt Bild ze maachen, wéi sech eisen Tourismus an de leschte Joren an den eenzelne Regiounen entwéckelt huet? Wat fir Segmenter an der Iwweruechtung - Hoteller, Camping, Jugendherbergen an aner Iwweruechtungsformen - entwéckele sech besser oder manner gutt?

Nëmmen esou gesäit een, a wat fir eng Richtung ee weider ka goen. Wichteg wier och ze wëssen, wéi vill Betriber bäikomm oder ewechgefall sinn a wéi sech d'Duerchschnittszëmmerzuel pro Betriber entwéckelt huet.

Déi kulturell Offer an den Tourismus um Land mussen besser openeen ofgestëmmt ginn. Huet an deem Kontext d'Zusammenaarbecht ënnert der Marque „Ardennes“ e moossbaren Effekt op d'Éislek gehat? Soll d'Netz vun de Gîtes ruraux ausgebaut ginn? Wéi gesäit et mat der offizieller Unerkennung vun dese Betriber duerch e professionnelle Statut aus? Am Réidener Kanton soll d'Formule vum Bed & Breakfast ugebuede ginn. Huet deen neien ORT fir de Westen an Zentrum dese Projet a senge Missiounen stoen? A wéi verkafe mer eis hei no baussen hin?

Déi kulturell Akteuren am Éislek, op der Musel an am Mëllerdall mussen verstärkt an eis touristesch Offer agebonne ginn. Wat fir Méiglechkeete bitt hei déi nei Directive des voyages à forfait? Gëtt mam Secteur de l'hébergement zesummegeschafft an e Coach ugebueden, fir mat hinne Forfaite opzestellen? Geet et duer, fir just Destinationen unzekënnegen an a Broschüren ze setzen, ouni awer méi intensiv, verfeinert Package-Offere unzebieden? Wat droen d'Offices régionaux dozou konkret bäi?

Eis Kierchen, Kapellen, Schlässer a Buerger, eis denkmalgeschützten Dierfer bilden e Kapital, dat touristesch besser genotzt ka ginn. 2013 huet eng Ëmfro vum ONT gewisen, datt 82% vun de Visiteuren op Lëtzebuerg wéinst de Landschaften kommen, 57% wéinst eiser Architektur an all zweeten Tourist ass kulturell interesséiert. Firwat gëtt dese Patrimoine net méi an Zeen gesat, Geschichten driwwer verzielt a kohärent Produkter, äänlech den „plus beaux villages de Belgique“ oder enger „route des saveurs“ erschloss? Wou si mer mam Projet vun enger „route des jardins“ drun?

Wéi vill Leit komme fir e puer Deeg aus der Groussregioun bei eis, fir ze entspannen? Wéi kënne mer hinnen eng kulturtouristesch Offer ubidden, déi fir Ofwiesselung a Virwëtzt suergt? Geet déi gemeinsam Vermaartung mat an an der Groussregioun virun, nodeems den Interreg-Projet „Gemeinsames Tourismusmarketing für die Großregion“ ausgelaf ass?

Wéi kënne mer och de Gesondheetstourismus am ländleche Raum stäerken? Ech denken do zum Beispill u Faaschtewanderungen.

An der Äifel gëtt et Betriber, déi sech drop spezialiséiert hunn, fir Manager unzezielen, déi mat engem Coach kënne léieren, wéi ee mat Stress kann ëmgoen. Lëtzebuerg läit tëschent grouss Ballungszentren an ass selwer e Geschäftszentrum. Do misst een eng Maartlück schlësse kënnen.

Dann nach just e puer Wuert zum Kongresstourismus. Eis Hauptstadt verfüügt iwwer Infrastrukturen an deem Beräich. Mir wëssen och, datt hir kulturell a gastronomesch Offer eng Après-Kongress-Stëmmung, wann een dat esou soen däerf, erméiglecht. D'Attraktivitéit vun der Stad zeechent sech duerch hir kulturell a sportlech Infrastrukturen aus. Kongresstourismus kann awer och um Land organiséiert ginn, gekoppelt mat Ausflug an der Regioun. Hei kann also eng Wiesselbeziehung tëschent Stad a Land geféiert ginn.

Wéi steet et also ëm d'Entwécklung vum Kongresstourismus? Wat fir Schwiierpunkte sollen an Zukunft gesat ginn? Wéi kënnen och ländlech Partner méi an d'Vermaartungsorganer am Kongressberäich agebonne ginn?

Voilà! Dat ware meng Froen an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. A wann ech meng Zäit kucken, Här President, dann hunn ech dës Kéier net iwwerzunn. Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An dofir kritt Dir och eng bonne Note. An d'Wuert huet direkt déi zoustänneg Statssekretärin fir den Tourismus.

► **Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie.** - Merci, Här President. Als Éischt wëll ech dem honorabelen Deputéierten André Bauler Merci soe fir dës ganz vill Froen, déi mer awer d'Geleeënheet ginn, fir e wéineg den Iwwerschlach ze maache vun den Aktivitéiten am Tourismus, wat sech do an deene leschte Jore gedoen huet.

Zanter 2010 gëtt et am Tourismus zu Lëtzebuerg eng ganz positiv Entwécklung. Zejoert gouf et en Total vu ronn 3 Milliounen Nuiteen! Dat war en neie Rekord. An och an den éischte Méint vun deem Joer gesäit et, trotz dem jo awer zimlech duerchwuessene Wieder, extrem gutt aus. Dat soen eis déi éischt Héichrechnung vum LFT, also vun „Luxembourg for tourism“, dem reforméierten ONT, eiser nationaler Promotiounsagence.

Wat d'Hotellerie ugeet, gouf et zejoert e Plus vun 2,3% op en Total vun 1,74 Milliounen Nuiteen. Op de Camping war et eng Hausse vu bal 7% an och bal eng Millioun Iwweruechtungen. An d'Jugendherberge respektiv d'Giten hunn nëmmen 3,4% zougeluecht op 242.000 Iwweruechtungen.

Och d'Visiteurszuelen op deene verschiddenen touristeschen Attraktiounen respektiv an den Tourist-Infoe confirméieren deen Trend no uewen.

Wa mer dann d'Regiounen kucken, déi, mengen ech, den André Bauler besonnesch interesséieren, dann hate mer zejoert an den Ardennen e Plus vun 2,2% an der Hotellerie, am Mëllerdall plus 2,4%, op der Musel hate mer e Minus vun iwwer 4%. Dat huet awer domat ze dinn, dass ee grouss Betriber zougemaach huet an een anere groussen Hotellsbetriber renovéiert gouf. Dat dréckt natierlech direkt d'Statistik, mä ech ginn awer ferm dervun aus, elo, wou dat renovéiert ass, dass et dës Joer besser geet. An am Süden hate mer och e Plus vu bal 3%.

Generell, géif ech soen, hu mer am Tourismus zwee grouss Défien. Engersäits geet et drëms, fir Lëtzebuerg als Destination méi bekannt ze maachen, besser ze vermaarten, an anerersäits mussen mer natierlech derfir suergen, dass sämtlech Iwweruechtungsméiglechkeeten a puncto Quantitéit an a puncto Qualitéit den Uspriech vun de Clienten gerecht ginn, déi ëmmer méi kriddlech ginn.

Et ass kee Geheimnis, dass grad iwwer Land vill Familljebetriber opgehale hunn: Hotellen, awer och Restauranten a Bistrotten. An de leschten zéng Joer hu mer an den Ardennen 16% u Capacitéiten verluer. Am Mëllerdall waren et souger 31%. Dat huet vill verschiddenen Ursachen. Et ass awer och esou, dass déi Betriber, déi ëmmer matzäiten investéiert hunn, fir attraktiv ze bleiwen, am grouss Ganzen net kënne kloen. Wann een och de Revenu par chambre kuckt, da läit Lëtzebuerg am europäesche Verglach mat un der Spëtzt.

Allgemeng, mengen ech, gëllt souzesoen eng Fauschtregel am Secteur, dass een Hotel iwwer Land ab 50 Zëmmeren rentabel - wierklech rentabel - ze exploitéieren wier; an der Stad brauch een der awer méi.

Wat elo d'Giten ugeet, déi Dir och ugeschwat hutt: Dat Konzept gëtt jo scho laang vum Ministère finanziell ënnerstëtzt, egal ob d'Initiativ elo vun enger Gemeng kënnt oder vu Privatleut. Ech mengen, et ass eng interessant Iwwerleeung awer och am Kader vum neie Plan quinquennal, fir dat ze verdéiwen, ob mer méi op de Wee ginn ebe vu Gites d'étape.

Do stelle sech eng Rei Froen, zum Beispill betreffend d'Proximitéit zu engem Wanderwee, zu engem Véloswee, zu enger Gare, zu aneren Infrastrukturen. Mä well mer eis jo awer als Destination positionéieren fir ebe Wander-, Vélostourismus respektiv Naturtourismus, géif esou eng Form vun Hébergement absolutt Sënn maachen. Datselwecht gëllt och fir Bed & Breakfast, wou jo d'Grenzen am Fong ganz no bäi sinn.

De Camping dann: Dat ass e Secteur, dee sech an engem Émbroch befënnt. Den Trend geet ganz kloer a Richtung Locatif a Camping-Caren, quitte dass mer awer och nach ëmmer vill kllassesche Camping hunn. Et ass awer och evident, dass esou insolite Iwweruechtungsméiglechkeete wéi Bamhaiser, wéi „Pod“en an esou weider, dass dat ëmmer méi populär gëtt, dass dat sech och séier amortiséiert, sech séier rentéiert an natierlech och vum Ministère ënnerstëtzt gëtt.

De Client, an do hutt Der recht, gëtt ëmmer méi anspruchsvoll a wëllt eigentlech op d'Mooss geschneidert Offere hunn, wann e Vakanz mécht. Duerfir ass et och evident, dass sämtlech Akteuren - sämtlech Akteuren! - aus enger Regioun mussen zesummeschaffen, enk zesummeschaffen, fir eben attraktiv Produkter ze entwéckelen - Dir hutt där e puer genannt -, fir déi och mateneen ze kombinéieren an déi dann zesummen ze vermaarten.

Natierlech sinn d'ORTen - d'Offices régionaux - hei gefuerdert, fir esou flott Package-Offere ze proposéieren. D'ORTE sinn och haut scho Coachen an deem Sënn vun all Akteur, deen do Ënnerstëtzung brauch, fir eben esou e Package unzebieden.

Wa mer vun der Kultur schwätzen: Ech mengen, Kultur an Tourismus ginn effektiv Hand an Hand, an et ass evident, dass hei och déi kulturell Offer integréiert gëtt an och an Zukunft a mengen Aen nach méi integréiert muss ginn. Et muss ee sech effektiv bewosst sinn, dass déi kulturell Infrastrukture bei eise Clienten, bei eisen Touristen immens grouss Succès hunn, d'Infrastrukturen an och d'Manifestatiounen. De Mudam ass zum Beispill vun all den Touristenattraktiounen am Land op Nummer 5 mat iwwer 90.000 Visitten an engem Plus vu 15% Visiteuren d'lescht Joer.

Dann de Volet Geschäfts- a Kongresstourismus, dee sech zu engem ganz wichtige Pilier vun eiser Tourismusindustrie entwéckelt. Zejoert waren 58% vu sämtlechen Nuiteen, knapp eng Millioun Iwweruechtungen an der Hotellerie, op de Geschäfts- a Kongresstourismus zréckzuféieren. A mir wëlle jo besonnesch de MICE-Beräich weiterentwéckelen. MICE ass de Fachausdruck fir international Kongresser, fir Ausstellungen, fir Konferenzen. Besonnesch dee Beräich entwéckelt sech och ganz gutt, an déi Efforten, déi an deene leschte Jore gemach goufen, droen hir Friichten. D'lescht Joer hate mer do e Plus vu bal 20% an den Iwweruechtungen.

Déi Efforte goufen engersäits vun der Regierung gemach, anerersäits awer och vun LFT, en plus vum Luxembourg Convention Bureau vun der Stad Lëtzebuerg, awer och vun eisen anere Partner, besonnesch deenen natierlech, déi am Cluster zesummeschaffen. De Wirtschaftsministère huet dee Cluster 2014 an d'Liewe geruff. Deen huet elo an Tëschenzäit 26 Memberen. An dee schafft u ganz konkrete Projeten, fir nach méi international Kongressorganisateuren op Lëtzebuerg ze zéien.

Et gëtt vill Potenzial an deem Beräich, ganz vill Potenzial. Mir hunn eis elo esou opgestallt, dass mer dat besser kënnen notzen. Eis Virdeeler sinn natierlech eis Lag, eis zentral Lag an Europa, d'Accessibilitéit, eis modern Infrastrukturen, eise sécher Standuert - och dat gëtt ëmmer méi wichtig -, d'Villsproochegkeet, mä awer och verschidde ganz aktiv Wirtschaftszweiger, Secteuren, déi duerch hir Bündelung vu Kompetenzen eigentlech Kongresser regelrecht unzéien. Ech denken do natierlech un de Finanzsektor, un den Assurancektor, awer och un ICT, Automotive, Logistik an esou weider.

Ee wichteg Evenement am Beräich Promotioun ass ufanks September de „Meet Luxembourg“. Dat ass e ganz grouss Seminar, op dee mer 200 international Kongressorganisateuren op Lëtzebuerg invitéiert hunn, fir dass se de Standuert kenneléieren. Den Optakt vun deem groussen Evenement ass eng Réceptioun hei um Krautmaart virun der Dier vum Palais, a Präsenz vun der ierfgroussherzoglecher Koppel.

An et ass mir ganz besonnesch wichtig, dass mer deen Event net nëmmen op d'Stad Lëtzebuerg limitéieren, mä dass mer eben deenen Organisateuren och aner Sitten iwwer Land presentéieren, wéi Clief, den Domaine thermal zum Beispill, d'Rockhal, an awer dann och anerersäits Kaderprogrammen demonstréieren, presentéieren, wéi zum Beispill Hiking am Mëllerdall oder eng Wäindegustatioun op der Musel, de Fonds-de-Gras an esou weider.

Am Kontext vum Kongresstourismus wëll ech och nach soen, dass mä Ministère amgaangen ass, en nationale Convention-Büro ze plangen, deen op deem baséiert, wat mer schonn an der Stad hunn, ebe beim LCB. Mir brauchen eng zentral Ulafstell fir potenziell Clienten, déi hire Kongress an hire Kaderprogramm sur mesure wëlle proposéiert kréien. Den LCB huet do ganz vill Kompetenzen opgebaut a wäertvoll Erfahrungen, op deenen ee ganz gutt kéint opbauen. An esou ee Guichet unique hätt natierlech dann och d'Missioun, fir eben déi aner Regiounen vum Land an déi ganz Offer mat anzebezielen. Ech mengen, dat ass Sënn an Zweck vun esou enger nationaler Struktur.

Den Haaptdefi besteet doranner, Lëtzebuerg als Kongressdestination am Ausland méi bekannt ze maachen. Et muss een nämlech wëssen, dass ee Kongresstourist, also e rege Kongresstourist, wann en eng Nuecht hei am

Land verbréngt, dass en dann dräimol esou vill Suen ausgëtt wéi ee Fräizäitourist an duebel esou vill Sue wéi een normale Geschäftstourist. Ech mengen, och dat ass natierlech en interessante Chiffer.

Et ass fir mech och selbstverständlech, dass den Tourismus entre-temps Partie intégrante ass vun alle grouss Wirtschaftsmissionen, déi mir an d'Ausland maachen, well dat jo natierlech eng optimal Plattform ass, fir Promotioun ze maachen. Zanter zwee Joer gëtt dat elo systematesch gemach. Zum Beispill a China, an den USA an a Japan hu mer dat gemach. An an engems ass dat jo och eng flott Geleeënheet, fir eben Investisseuren unzeschwätzen, déi mer brauchen, fir nei Hotelstrukturen zu Lëtzebuerg opzerichten. Wéi gesot: Quantitéit a Qualitéit vun den Iwweruechtungsméiglechkeeten sinn den A an den O vun der Destination, nieft der Promotioun natierlech.

Den Tourismussektor ass e wichtige Bestandteil vun eiser Économie an dréit méi zu eisem PIB bäi wéi déi kllassesch Industrie. E schafft Aarbechtsplazen, déi net kënnen delokaliséiert ginn, an en dréit positiv zum Bild bäi, wat mer no bause wëllen ofginn. Alles dat justifiéiert d'Efforten, déi mer scho gemach hunn an déi mer och nach an Zukunft wäerte maachen. Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Statssekretärin. Huet den Här Bauler nach eng Zousazfro ze stellen?

► **M. André Bauler (DP).** - Jo, Här President, ech soe fir d'Éischt der Statssekretärin villmools Merci fir déi do Prezisiounen. Et waren der ganz vill. Ech hat effektiv eng Rei Froen opgeléicht. Ech wollt awer just den Aspekt Gesondheetstourismus vläicht nach eng Kéier uschwätzen. An deem Kontext wollt ech am Fong geholl froen, ob Der do och Pisten an deem Beräich verfollegt an ob et och do Opportunitéiten ekonomescher Natur gëtt. Merci.

► **Mme Francine Closener, Secrétaire d'État à l'Économie.** - Jo, villmools Merci. Also de Gesondheetstourismus war bis elo en tant que tel nach keng Niche, op där mer elo besonnesch geschafft hätten. Anerersäits ass et awer esou, wann een elo zum Beispill d'Faaschtewandere hält, wat jo eppes ass, wat am Éislek besonnesch gutt amgaangen ass, sech ze dévelopéieren, gehéiert dat jo engersäits ganz kloer an de Beräich Aktivtourismus an anerersäits och an de Beräich Naturtourismus, soudass dat sech eigentlech do iwwerschnéit an dass mer amgaange sinn ze kucken, wéi mer dat nach méi cibléiert kënnen an eis Promotioun mat abauen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Statssekretärin.

Domat wär deen heite Punkt evaküiert a mer géifen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6923 iwwert d'Chargéen am Enseignement secondaire. An d'Wuert huet elo de Rapporteur, den Här Claude Lamberty.

6. 6923 - Projet de loi portant 1. fixation des conditions d'engagement et de travail des chargés d'éducation à durée déterminée et à tâche complète ou partielle et des chargés d'enseignement à durée indéterminée et à tâche complète ou partielle, 2. fixation des modalités et du déroulement du cycle de formation des chargés d'enseignement engagés à durée indéterminée et à tâche complète ou partielle à l'Institut de formation de l'éducation nationale, 3. création d'une réserve nationale des employés enseignants des lycées

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Claude Lamberty (DP), rapporteur.** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat op den éischte Bléck haut de Mëtten éischter technesch ausgesäit, erweist sech op den zweete Bléck awer als eng daitlech Verbesserung fir vill Leit dobaussen, déi als onverzichtbar Chargéen an eisem Bildungssystem schaffen.

Et ass gewosst, dass d'Chargée mat hirer berufflecher Situatioun zënter Joren net wierklech zefridde waren. Wat ufanks als Noutléisung geduecht war, ass haut zu engem feste Bestandteil an eise Schoule ginn. An déi Situatioun, déi sech an deem Kontext an deene leschte Joren entwéckelt huet, ass effektiv net féerderlech gewiescht, fir a villen interne Schoulbetriebsklimaer produktiv gewiescht ze sinn.

Chargée sinn haut awer mat hirer Roll an der Schoulorganisatioun an de Schoulen einfach



net méi ewechzedenken. Éier ech op de Contenu vum virleienden Text ze schwätze kommen, wëll ech deene ville Chargéén, déi an eise Schoulen am Asaz sinn, Merci soen, Merci fir déi gutt a wäertvoll Aarbecht, déi se am Sënn vun eise Kanner a Jugendlecher Dag fir Dag maachen.

Här President, de Projet de loi, iwwert dee mer haut schwätzen, gouf de 4. Dezember vum leschte Joer déposéiert. Den 23. Mäerz huet d'Regierung eng Rei vun Amendementer erageeecht. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet zwee Avisen ofginn. De Statsrot huet säin Avis den 3. Mee 2016 publizéiert. De 26. Mee gouf ech an enger Sitzung vun der Educatiounskommissioun schliisslech zum Rapporteur vum virleienden Text genannt.

Unhand vun den Datumer gesäit een, dass hei ganz séier an och ganz effikass geschafft ginn ass. Aus deem Grond wollt ech dann och all de Memberen aus der Educatiounskommissioun Merci soe fir déi gutt a reiwungslos Zesummenaarbecht bei dësem Projet, deen, wéi gesot, d'Aarbechtskonditiounen vu ganz ville Leit am Enseignement wesentlech wäert verbesseren.

Här President, wourëms geet et bei dësem Projet?

Déi leschtjäreg Reform vun der Fonction publique bréngt et mat sech, dass och am Beräich vum Enseignement legal Adaptatiounen musse gemaach ginn. Et besteet de klore Wëllen, fir fréi Plazen an Zukunft an eise Schoulen, dat heescht op Plazen, wou kee fäerdeg brevetéiert Personal disponibel ass, just nach mat Chargés d'enseignement à durée indéterminée ze besetzen. Dat heescht, konkret läit de Fokus fir d'Schoulorganisatioun an de Lycéeën op brevetiertem Personal a Chargés d'enseignement mat onbefristetem Vertrag. Dofir ginn d'Dispositiounen vum entsprechernde Gesetz vum 29. Juni 2010 dann och an deem Sënn geännert.

Des Weidere bedeit dat, dass Chargéé mat engem befristete Kontrakt just nach bei exzeptionelle Congéen, wou also soss keen den Ersatz kann assureieren, agestallt ginn. Wéini ass dat de Fall? Just nach bei extra Congé de maladie oder och vläicht engem Congé de maternité.

Dann dee vläicht wichtigste Punkt oder zumindest deen, deen déi gréisst Opmierksamkeet ervirgeruff huet: Dëst Gesetz dréit och dem Wëlle Rechnung, d'Tâche vun de Chargés d'enseignement ze adaptéieren, konkret, schréttweis op 22 Wochestonnen erofzesetzen. Duerch de Fait, dass an eise Schoule ronn 1.000 Chargéén dagdeeglech de Schoulbetrib assureieren an duerch déi Adaptatioun, dat heescht duerch déi iwwerfällg, wierklech iwwerfällg Verbesserung vun den Aarbechtsbedéngunge fir d'Chargéén, wäerten esou ronn 50 nei Plaze kreéiert ginn.

Des Weidere gi mat dësem Text och d'Konditiounen vum Stage vun de Chargéé geregelt, an d'Limit vum just zéng Stonnen an engem spezifische Fach gëtt ofgeschaaft. Dës Limitatioun huet nämlech den Engagement vun engem Chargé dacks éischter verhënnert. Eng national Reserv Chargéén, déi vum Ministère un déi jeeweileg Gebaier ka verdeelt ginn, ass virgesinn. Wat den Detail vun deenen eenzelne Mesuren ugeet, hir Répercussiounen op déi eenzel concernéiert Gesetzestexter, wëll ech op de Commentaire des articles a mengem schrëftleche Rapport verweisen, dee genee dës prezisiert.

Här President, e puer Bemierkungen zu den Avisen, déi zum Text erakomm sinn. De Statsrot huet sech a sengem Avis, ofgesi vun e puer legistesche Remarque, ganz averstanen erkläert mam Contenu vum Text. Och d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics seet sech d'accord mat de grouse Linne vun dësem Projet. Si ass der Meinung, dass déi nämlech Aarbecht och ënnert deenen nämlechte Konditiounen soll gehale ginn. An deem Kontext schwätzt d'Chambre sech och fir d'Altersdéchargé fir d'Chargéén aus.

Mat deem virleienden Text ass nach sécherlech net alles gemaach, fir existéierend Inégalitëten an eisem Schoulsystem auszegläichen. En ass awer, an dat weise jo och déi ganz vill positiv Reaktiounen vun deene Betraffenen, een éischte wichtegen a grouse Schrëtt an déi richteg Richtung. Déi betraffe Leit kréien e Plus un Aarbechtsqualitéit, eng gewësse Sécherheet, fir hiert Liewe kënnen ze gestalten, an de Ministère kritt och e besseren Iwwerbléck, wat déi gesamt Schoulorganisatioun ubelaangt.

Zum Schluss Merci de Kolleegen aus der Educatiounskommissioun, der Administratioun heibannen an och ganz besonnesch dem Philip Modert aus der DP-Fraktioun fir hir Hëllef bei dësem Rapport.

Dëst gesot, Här President, bréngen ech dann natierlech och selbstverständlech den Accord vun der DP zum virleienden Text.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Rapporteur. An d'Wuert huet d'Madamm Martine Hansen als éischt ageschriwwen Riednerin. Madamm Hansen!

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President, an ee grouse Merci un de Rapporteur, den Här Lamberty. Hien huet alles am Detail beschriwwen, wat am Projet de loi steet. Duerfir wäert ech dat sécherlech net nach eemol maachen.

Mä ech hunn awer och net näischt ze soen, well ech hunn nach eng Partie Remarques a Froen zu dësem fir d'Chargéé ganz wichtige Projet de loi. Allgemeng fannen ech et ganz erstaunlech, dass bei dësem Projet de loi keng Fiche financière derbäiläit, well dëst Gesetz kee finanziellen Impakt op de Statsbudget soll hunn. Dat ass awer eng ganz large Interpretatioun vum Här Minister. E järeleche Loun fir ronn honnert zousätzlech Posten, wann d'Tâche bis ganz ugepasst sinn, ass an eisen Aen net négligabel, huet op jidde Fall net keen Impakt op de Budget an hält zumindest missen ernimmt ginn, oder mer hätten eis definitiv all déi Diskussiounen iwwert den Zukunftspak kënnen spueren, wat mer vläicht souwisou hätte kënnen maachen.

Dann awer zu deene méi praktesche Saachen um Terrain. Mat dësem Gesetz kréie mer elo zwou Zorte vu Chargéén - et ass scho gesot ginn -: de Chargé à durée déterminée, dat sinn d'Chargé-de-remplacementen, an de Chargé à durée indéterminée, dat sinn d'Chargés de renforcement. Bei de Chargés à durée déterminée, déi jo just nach kënnen agestallt ginn, fir e befristete Congé de maladie oder ee Congé de maternité ze ersetzen, stellt sech d'Fro: Wat geschitt, wann de Congé de maladie verlängert gëtt? Da muss jo och erëm de Kontrakt verlängert ginn. Wat geschitt, wann dat muss dräimol gemaach ginn, zum Beispill? Riskéiere mer do net erëm, kloen ze kréien, dass dës Chargéén dann ee Contrat à durée indéterminée misste kréien?

Mir kruten an der Kommissioun gesot, et géif sech am Fall vun esou Verlängerungen dann nëmmen ëm ee Kontrakt handeln. Ganz kloer schénge mer dat net ze sinn. Et wär net schlecht, dat nach eemol juristesche ofzeklären an déi noutwendeg Richtlinnen un d'Direktiounen ze ginn.

Da kommen ech zu de Chargés d'enseignement, déi en onbefristete Kontrakt kréien. Dës Chargéé sollen d'Schoulpersonal verstärken, gi fest agestallt a mussen deementsprechend och ee Stage maachen, wat gutt ass. Am urspréngleche Projet de loi war dës Punkt vum Stage nach behandelt ginn. E steet och elo nach am Intitulé, ass awer opgrond vun der Remarque vum Statsrot, dass de Stage am IFEN-Gesetz behandelt gi wär, dunn erausgeholl ginn.

Mä de Stage ass an eisen Aen immens wichtig. An duerfir wëll ech haut awer nach eemol drop agoen. Well wa mer soen: Mir stellen d'Chargéén à durée indéterminée als Verstärkung an, an dat soe mer mat dësem Gesetz, da musse mer och de Chargéén en anstännegen Encadrement garantéieren, well si hunn déiselwecht Aufgaben ze erfëlle wéi d'Fonctionnairesenseignanten.

An duerfir misst och déi Personne de référence, déi am IFEN-Gesetz fir den Encadrement vum Chargé virgesinn ass, kënnen eng deementsprechend Décharge kréien. Si soll nämlech de Chargé aféieren a seng Fächer a Missiounen, en assistéieren, betreiwen a guidéieren, an dat alles gratis. Wann en dat bei engem Stagiaire mécht, dee Fonctionnaire gëtt, da gëtt e bezuelt derfir.

Ech zweifelen also staark drun an ech hunn dat och schonns de leschte Summer gesot, dass een esou vill motivéiert, engagéiert Leit fënnt, déi nach Zäit hunn, fir an hirer Fräizäit dës Aufgab mat vollem Asaz ze erfëllen. Dat ass net seriö.

Den Encadrement vum Chargé ass genauso wichtig wéi vun deenen anere Stagiairen, mä leider sinn d'Majoritéitsparteie jo alleguer der Meinung gewiescht, dass wär net esou, an haten eisen deementsprechenden Amendement d'lescht Joer refuséiert. Schued!

Meng zweet Remarque betrëfft déi sougenannten Altersdécharge fir d'Chargéén. Dës Altersdécharge besteet aus enger Reduktioun vun de sougenannten 72 Stonnen administrativ, parasolaire Aarbecht an esou weider, déi pro Joer ze leeschte sinn. Dës sollen an zwou Etappe reduzéiert ginn. Dozou zwou Remarques.

Éischtens, Enseignanten, déi ganz normal um Schoulliewen deelhuelen, Porte ouverte, Weiterbildung an esou weider, leeschten dës 72 Stonnen ouni Problem, wat och wichtig ass fir d'Schoulliewen.

Zweetens: Ech hat den Här Minister gefrot, ob hie kontrolléiert, ob dës 72 Stonnen am Allgemenge geleescht ginn, respektiv ob hie wéisst, ob et kontrolléiert gëtt.

„Neen, et soll een net ze vill kontrolléieren“, sot den Här Minister. Wann ech domadder prinzipiell vläicht och nach kann averstane sinn, da wësst Der awer och, wat dës theoretesch Altersdécharge wäert ass. Verschiddener, wahrscheinlech déi meescht Enseignantë maachen nach ëmmer vill méi wéi déi 72 Stonnen. Einzelner awer och manner, an dëst mat oder ouni Altersdécharge! Se steet also virun allem emol um Pabeier.

Dir Dammen an Hären, am Accord mat der ACEN ass och festgehal ginn, dass d'Chargéén ab 2018-2019 kee Koeffizient méi ënner 1 sollen hunn. Dëst ass sënnvoll. Den Här Minister sot eis, dass den entsprechernde Règlement grand-ducal géif zum gegebenen Zeitpunkt ugepasst ginn.

Ech wëll hei dann nach eemol ganz ausdrécklech drop hiweisen, dass et nach ëmmer Enseignant-Fonctionnaire gëtt, déi och Koeffizienten ënner 1 hunn. Wann dës Upassung fir d'Chargéé kënnt, da wann ech gelift och bei dësen Enseignanten! Well et ka jo och net sinn, dass de Chargé fir déiselwecht Aarbecht méi bezuelt kritt wéi de Fonctionnaire!

Här President, nieft dës Bemierkungen a Froen, wou ech natierlech op d'Antworten gspaaht sinn, wëll ech nach eemol betounen, dass mer als CSV begreissen, dass d'Tâche bei de Chargéén ugepasst ginn ass. An duerfir ginn ech och den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Hansen. An d'Wuert huet elo den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Rapporteur fir säin exzellente Rapport, deen e gemaach huet. Dem Merci wëll ech mech uschlëssen, deen e gemaach huet un d'Chargéén, déi eng exzellente Aarbecht gemaach hunn.

Dëst Gesetz ass eng Verbesserung vun der Situatioun, wéi mer se am Moment hunn. Si ass vläicht nach net déi ideal Situatioun, mä et ass op alle Fall emol e Schratt an déi richteg Richtung, esou wéi de Rapporteur et och gesot huet.

Et ass eng Verbesserung vun den Aarbechtskonditiounen, wéi d'Chargéén et bis elo haten. Duerfir deelen ech och elo net déi vläicht e bëssen negativ Stëmmung, déi d'Madamm Hansen hei elo gemaach huet.

► **Une voix.** - Konstruktiv!

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Si huet eng Rei vu Froen gestallt, dass ass richtig. Wann et eng konstruktiv Stëmmung war, dann huelen ech dat och als déi op, déi et da war. Wann et eng konstruktiv war, da wëll ech dat och mat deelen.

«Travail identique mérite conditions identiques», esou soll dat mat dësem Gesetz dann och ëmgaset ginn. Dat ënnerstëtze mir. All Verbesserung vun den Aarbechtskonditiounen vun de schaffende Leit wëlle mer natierlech ënnerstëtzen, an duerfir ginn ech och heimat den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Engel. An d'Wuert huet den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Merci, Här President, fir d'Wuert. Den honorabele Rapporteur Claude Lamberty war effektiv ganz ausfërllech. Ech wëll him Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. En huet gesot, dass d'Chargéén...

► **Une voix.** - Et war schliisslech säin éischte Rapport.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Pardon?

► **Une voix.** - Et war dem Här Lamberty säin éischte Rapport.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Majo, dat ass jo ganz villversprechend, wann dat deen éischte war. Da freee mer eis op déi, déi nach alleguerte kommen!

(Brouhaha)

Den honorabele Rapporteur huet gesot, d'Chargéé wieren net ganz zefridde gewiescht. Ech mengen, dat ass zumannst richtig, fir net ze soen, dass dat licht ënnerdrüht war. Ech mengen, d'Chargéé ware ganz onzufridde mat där Situatioun! Et ass och esou, an ech mengen, dass wësse mer alleguer, all Kéier, wa mer de Chargéén eppes zougestanen hunn, da war dat als Reaktioun op Gerichtsuerteeler, déi si sech erstridden hunn.

An deem Sënn begreisse mer et, dass et dann, och wann d'Vertriederin vun der CSV nach eng Rei Froen opgeworf huet... Och mat deem Projet hei léise mer net all d'Problemer, déi mer hunn an der Educatioun. Mä trotzdem reagéiere mer endlech op eng Situatioun, déi net glécklech ass. Mir hu scho laang an der Praxis, niewent der Kategorie vun de Professore, och eben eng Kategorie vu Chargéén. Dat sinn déi lescht Statistiken, déi ech gesinn hunn: 26,5% vun den Enseignanten am Secondaire sinn effektiv Chargéén. Mat deem Gesetz hei maache mer éischtens déi Upassungen, déi d'Reform vun der Fonction publique vun eis verlaangt.

D'lescht Woch hate mer e Gesetz, wou mer Upassung fir d'Schoulmeeschtere gemaach hunn. Dës Woch hu mer eent, wou mer et fir d'Chargéén am Enseignement secondaire maachen.

Mir maachen och, an dat huet de Rapporteur och gesot, mir maachen och eng Verbesserung, eng wesentlech Verbesserung vun den Aarbechtskonditiounen. Mir sinn nach net dobäi, dass mer esou gutt Aarbechtskonditiounen hu wéi bei de Profen. Ech mengen och net, dass mer sollen déi eng Kategorie géint déi aner ausspillen. Dat soll et net sinn! Mä mer sollen trotzdem all de Leit, déi am Enseignement schaffen, fair Aarbechtskonditiounen ubidden. Hei ass ee Wee dohinner.

Also, mer setzen, et ass gesot ginn, d'Wochestonnen op 22 schréttweis erof. Et ass och gesot ginn, firwat dass mer dat schréttweis maachen: Well et ebe ganz vill Leit sinn a well mer och musse reagéieren erëm eng Kéier mat neie Posten op déi Erliichterungen, déi mer do schafen.

D'Konditiounen vum Stage gi geregelt iwwert d'IFEN-Gesetz. An da gëtt hei och endlech eng Altersdécharge agefouert, déi ugepasst ass un der Fonction publique, net un dem Enseignement. Mä ëmmerhin, et ass schonn dat!

Duerfir bréngen ech och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi an ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Adam. An d'Wuert huet den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och vun eiser Säit aus dem Här Lamberty dann en häreleche Merci fir e ganz besonnesch gudden alleréischte Rapport an dëser Chamber.

Am Prinzip wëllt mer jo mat dësem Gesetz d'accord sinn, mä et gëtt awer e Problem. De Problem besteet net doranner, dass mer eis driwwer géifen iergeren, dass d'Aarbechtskonditiounen vun de Chargéé verbessert ginn. Ganz am Géigendeel, mir freeën eis doriwwer! D'Chargéé leeschten e ganz wäertvolle Bäitrag zu eiser Educatioun. An ouni op de Wee vun engem Enseignant unique wëllen ze goen, ass et jo awer wierklech eng daitlech Verbesserung vun den Aarbechtskonditiounen a vergläichbare Konditiounen, wéi se fir d'Professeren heiansdo sinn. Dofir ass dat u sech e ganz wichtegen a positive Schrëtt.

Mir sinn also mat de grouse Linne vun dësem Gesetz d'accord, och wa mer eis e puer kleng Froen stellen, déi ech och net wëll widerhuelen, zum Beispill iwwert d'Finanzen, well d'Madamm, d'Spriecherin vun der CSV... Elo hunn ech dän Numm vergiess! Martine, entschëlleg!

(Hilarité)

An dëser wichteger Ried ass dat mer geschitt. Mä dat ass dann de Bewäis, dass ech eng Altersdécharge brauch.

(Hilarité)

Sou, voilà! Selwer dierf een dat vu sech soen. Also, fir zrëckzekommen an den Eescht vun Liewen: Eise Problem elo mat dësem Gesetz läit dobäi, dass d'Chambre des Fonctionnaires e Problem awer och opgeworf huet, an dat ass dee vum Sproocheregimm fir d'Chargés d'enseignement, fir d'Chargés d'éducation, pardon.

An zwar den Artikel 4 Punkt 2 vun deem Gesetz, dee seet ganz daitlech, dass déi Chargés d'éducation nëmmen zwou vun eisen dräi administrative Sproocher musse schwätzen. An dat ass natierlech eppes, wou mir als ADR soen: Dat kann et net sinn! An d'Chambre des Fonctionnaires huet dat och esou gesinn.

Éischtens, well mir un der Dräisproochegkeet vun eiser Fonction publique wëlle festhalen. Mir denken, virun allem wat d'Lëtzebuergesch ugeet, natierlech, dass d'Fonction publique muss dräisproocheg sinn, wat och néideg ass, fir dass se sech ka mat jiddwerengem op Lëtze-



buergesch ënnerhalen. Wa mer bei de Chargés d'éducation nëmmen zwou vun deenen dräi Sprooch fuerderen, ass dat net verlaangt.

Dat bezitt sech awer net nëmmen op Lëtzebuergesch. Et ka jo och sinn, datt da Franséisch zum Beispill net geschwat gëtt, oder Däitsch net geschwat gëtt, jee nodeem a wéi enger spezieller Situatioun dat ass. An dofir ass dat fir eis e Wee, deen net akzeptabel ass!

Wéi gi mer elo mat där Situatioun ëm? Fir eis als ADR, well mer jo mat deene grouse Linne vun dësem Projet d'accord sinn an och mat de Froen, déi d'Martine Hansen virdrun opgeworf huet, ass et eigentlech den normale Wee, fir iwwert de Vote séparé ze goen, fir ze soen: Hei, mam Artikel 4 Punkt 2 kënnen mer net d'accord sinn. Mir hätte gären nach e Vote séparé no Artikel 45 vun eise Reglement, wou mer kënnen eisen Désaccord mat enger Regelung vun dësem Gesetz ausdrécken, an dann dat ganz Gesetz stëmmen.

Mir hunn awer e praktesche Problem: Doder, datt den Här Gibéryen haut op enger Dénkschrees ass an datt mer déi fënnel Deputéierten net zesummen hunn, fir vun eis aus, well mir hunn déi frëndlech Ënnerstëtzung - aus prozedurale Grënn - vun deene Lénken hei kritt, dat heiten unzefroen. Well den Här Gibéryen awer haut fir d'Chamber op Dénkschrees ass, hu mer déi fënnel Deputéierten net zesummen, fir de Vote séparé ze froen.

Dofir froen ech dat hei, Här President, ob nach e fënneften Deputéierten am Sall ass, deen eis géif dann ënnerstëtzen, fir e Vote séparé heiréiwer ze froen.

Ass dat net de Fall, misste mer als ADR dann dat ganz Gesetz refuséieren, well et fir eis net kann a Fro kommen, egal wéi mer mat deem Gesetz a mat senge grouse Linnen, mat senger Intentioun d'accord sinn, kënnen mer awer e Gesetz net stëmmen, wat géif Lëtzebuergesch an der Fonction publique a Fro stellen.

Dat gesot, hänkt also eise Vott, Här President, dovun of, ob mer e fënneften Deputéierte fanen. Vlächent kënn Der dann d'Fro stellen, ob e fënneften Deputéierten am Sall ass, deen e Vote séparé géif ënnerstëtzen.

Wann net, da misste mer, wéi gesot, géint dat Gesetz stëmmen. Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Kartheiser. Bon, ech mengen, ech stellen déi Fro, wa mer iwwert de Projet ofstëmmen. Mir fueren elo normal weider an der Diskussioun an d'Wuert huet den Här Marc Baum. Ah, ech hat den Här David Wagener hei stoen. Dann ass et den Här Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Mir ënnerstëtzen dëst Gesetz, well et e Komproméss ass, deen ausgeschafft ginn ass mat der Vereenegung vun de Chargés de cours, a mengen, datt et an déi richteg Richtung geet, och wann ee sech sécherlech déi eng oder aner Dispositioun nach anescht hätt kënnen virstellen.

Ech wëll awer virun allem nach Stellung huelen: Mir ënnerstëtzen aus demokratesche Grënn d'Proposition vun der ADR, fir e Vote séparé ze maachen, och wa mir selwer mat deem Artikel averstane sinn, esou wéi en hei steet. Mir menge just, datt een e kann zur Debat (veuillez lire: zum Vott) stellen. A wann d'ADR, oder wa fënnel Deputéierten... Ech hat elo awer och geduecht, d'ADR hätt déi fënnel Deputéierten zesummen.

(Interruption)

Bon, also op jidde Fall, ech wëll kee Mëssverständnis opkomme loossen: Och wa mir dat doten ënnerstëtzt hu fir de Vote séparé, si mer awer mat der Dispositioun, esou wéi se hei am Gesetz steet, integral averstane.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Baum. An d'Wuert huet elo direkt den Éducatiounsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, jo, et ass gesot gi vum Rapporteur an och vun deenen anere Riedner, datt mer hei e Schrëtt maachen a Richtung vun enger Upassung vun der Tâche tëschent de Fonctionnaires am Secondaire an de Chargéen.

Et bleiwen allerdéngs Ënnerscheeder, considérel Ënnerscheeder. Mir wäerten net op déiselwecht Altersdécharge goen. Mir wäerten eis just upassen un déi generell Altersdécharge, déi an der Foncion publique fir Fonctionnaires a fir Employée gëllt. A virun allem am Secondaire

hu mer bei de Fonctionnaires de Prinzip vu Koeffizienten, datt déi eenzel Leçonen och gewicht sinn. An et wäert och an Zukunft esou sinn, datt déi vun de Chargéen net gewicht sinn, mat där Ausnam eben, datt mer gesot hunn, et soll e Chargé kee Koeffizient méi ënner 1 hunn.

An ech muss der Madamm Hansen do recht ginn, an dat hu mer jo och schonn e puermol gesot a mir wäerten dat och maachen, sinn och amgaangen, do iwwert d'Detailer ze diskutéieren an och drun ze schaffen an ze arrétéieren, datt dann och kee Fonctionnaire an Zukunft méi e Koeffizient ënner 1 soll hunn, soudatt keng Situatioun soll antrieden, wou de Fonctionnaire méi en niddrege Koeffizient hätt wéi de Chargé. Dat schéngt mer ganz evident ze sinn.

D'Regierung huet och annoncéiert, an et ass fir d'éischte Kéier, datt eng Regierung annoncéiert huet, datt mer och diskussiounsberet sinn, wat d'Rémunératioun ubelaangt...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- ...vun de Chargéen. Och do gëtt et jo nach grouss Diskrepanzen, déi sollten diskutéiert ginn. Aweiwäit dat elo méiglech ass bei deenen nächsten Diskussiounen iwwer en Accord salarial, dat wäerte mer gesinn.

Op jidde Fall ass d'Positioun vun der Regierung do ganz kloer, datt mer schonn der Meinung sinn, datt deen Diplom, deen d'Regierung freet, fir eng gewëssen Aarbecht ze maachen, an dat ass de Bachelor, fir Chargé am Secondaire ze ginn, dee soll och rémunéréiert sinn an dann och deementspreechend der Carrière ugepasst ginn. Domadder wäerte mer op jidde Fall an déi Diskussiounen do eragoen. Also ass dat heiten och net dee leschte Schrëtt, dee wäert a Richtung vun engem Uneneeféiere vun deenen zwee Statutter goen.

Et ass gesot ginn, datt mer hei, gradesou wéi bei de Fonctionnaires, och awer insistéieren, datt e Stage gemaach gëtt, deen iwwert d'IFEN-Gesetz geregelt ass. E Stage, dee sécherlech net an dem Volume - och fir déi, déi à durée indéterminée agestallt sinn - deem entsprécht, wat de Fonctionnaire muss maachen, aus deem einfache Grond, datt mer jo awer oft gesinn, datt deen, dee fir d'Éischt als Chargé schafft, duerno och de Concoursexame packt, an de Stage, fir Fonctionnaire ze ginn, erakënn, an dann do nach eng Kéier e Stage muss maachen.

Mir hunn also hei och e Volume gemaach, deen ongeféier deem entsprécht, wat een herno als Dispens oder als Reduktioun vum Stage ka kréien, fir Fonctionnaire ze ginn, soudatt also quasi, fir et einfach auszudrécken, en Drëttel quasi hei schonn als Stage mat virgesinn ass, wann een als Chargé agestallt gëtt.

Ech fille mech net ganz richteg zitéiert, muss ech soen, wa gesot géif ginn, ech wär der Meinung, datt dat, wat „ACT 72“ géif ubelaangen, net soll kontrolléiert ginn. Ech hunn an der Kommissioun kloer gesot, datt et den Direktiounen hir Aufgab ass, fir dat ze kontrolléieren, an datt ech dovunner ausginn, datt se dat och maachen an hirer Aufgab och gerecht ginn. Anerer schéngen dorunner ze zweifelen. Ech op jidde Fall net!

Da wëll ech nach e Wuert soen zu deem Artikel 4 Punkt 2, wou d'Sproochekonditiounen adaptéiert ginn. Doriwwer kann ee sécherlech eng aner Meinung hunn. Ech wëll just soen, datt, fir Schoul ze halen, dat absolutt irrelevant ass. Mir hunn een eenzeg Fach an eng eenzeg Stonn am ganzen Enseignement secondaire a secondaire technique, dat ass Lëtzebuergesch op Septième, wou mer Lëtzebuergesch muss schwätzen.

Fir all déi aner Fächer ze enseignéieren, brauch een eigentlech d'Lëtzeburger Sprooch net, well et soll een d'Langue véhiculaire och do applizéieren, fir d'Fach ze enseignéieren, soudatt dat absolutt keng Aschränkung wäert mat sech bréngen, wat d'Sproochekonditiounen ubelaangt a wat d'Schoulhalen ubelaangt, an absolutt net zu enger Qualitéitsverschlechterung wäert féieren.

Éischter wäert et eis d'Méiglechkeet ginn, deen een oder deen anere Chargé zousätzlech kënnen ze rekrutéieren, dee mer soss vlächent net hätte kënnen astellen, an dann iwwerhaupt emol Schoul ze halen an deene Fächer, wou mer wierklech e grouse Personalbesoin hunn.

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Minister, erlaabt Dir eng Zwëschebemierkung vum Här Kartheiser?

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Émmer!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Här Kartheiser!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools Merci, Här President. Jo, ech wollt den Här Minister froen an dësem Zesammenhang, wann hien also Lëtzebuergesch just an der Schoul gesäit an deem Kontext, fir et ze ënnerriichten, da wollt ech den Här Minister awer froen, ob en net mengt, datt Lëtzebuergesch als Émgangssprooch an de Schoulen eng ganz wichteg Roll spillt an och am Unterrecht selwer, fir eventuell deene jonke Leit oder de Kanner, déi verschidde Saachen net verstinn, et och op Lëtzebuergesch ze erklären.

An dann deen drëtze Volet, deen ech virdrun ugeschwat hat, dat ass natierlech de Kontakt och mat de Familljen. D'Fro, zesummegefaasst, ass: Wat ass dann, an den Ae vum Här Minister, wierklech de Stellwäert vum Lëtzebuergesch an der Lëtzeburger Schoul?

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.**- Déi dote Fro, mengen ech, hu mer hei schonn oft diskutéiert. Ech hunn lech gesot, datt ech der Meinung sinn, datt een do ka roueg anerer Meinung sinn, datt dat absolutt awer irrelevant ass fir dee Cours, dee muss gehale gi vun deenen, déi als Chargé agestallt sinn. An dobäi bleiwen ech och! Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Minister. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun iwwert de Projet de loi 6923 ukomm.

An éier mer zum Vott iwwert den Ensembl vum Projet iwwerginn, ass d'Demande hei gestallt ginn, fir separat kënnen iwwert den Artikel 4 Punkt 2 ofzestëmmen. Mir hunn am Moment véier Ënnerschrëften a mir bräichten eng fënneft. Ech wollt just froen, ob dat de Fall ass.

(Négation)

Ech gesi keen Aarm, deen an d'Luucht geet. Also ass d'Demande net recevabel, a mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert den Ensembl vum Projet de loi iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6923 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo gläich eriwuer. Mir hu 57 Jo-Stëmmen an 3 Nee-Stëmmen. Domat ass de Projet ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Roberto Traversini), Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Projet vun eise Ordre du jour iwwergoen, dat ass de Projet de loi 6964, eng Ofännerung vum Steiergesetz, wat d'Verschëcke vu Courier u Leit ugeet, déi zesumme besteiert sinn. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt d'Rapportrice, d'Madamm Joëlle Elvinger.

7. 6964 - Projet de loi portant modification du paragraphe 91, alinéa 1^{er}, de la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 („Abgabenordnung“)

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **Mme Joëlle Elvinger (DP), rapportrice.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzeprojet, zu deem ech lech op dëser Plaz de Rapport maachen, ass net riseg laang. Mä heiansdo sinn et esou kleng Upassungen, déi d'Liewe vun de Leit méi einfach maachen, déi eng administrativ Vereinfachung mat sech bréngen, an an dësem Fall och nach vill Pabeier, Zäit a Sue spueren.

Am Projet de loi 6964 geet et ëm eng Modifikatioun vun der sougenannter Abgabenordnung, d'Loi générale des impôts vum 22. Mee 1931, wéi se ofgeännert gouf bis elo. D'Mesure reit sech an an eng ganz Rei vun Efforte vun der Simplification administrative.

Här President, d'Steierverwaltung verschéckt all Joers ëm déi 1,2 Millioun Courrieren, ënner anerem d'Steierbulletinen an och aner Décisiounen vun der Steierverwaltung. Bestueten oder gepacste Koppelen, déi zesumme besteiert ginn, kréie laut dem aktuelle System all Steierdécisiounen duebel geschéckt, soudass all Partner deeselwechte Courier kritt, wou da just all Kéiers säin eegenen Numm dropsteet.

Mir schwätzen hei vun der Notification individuelle, wou all Steierzueler eng Décisioun, déi hie betrëfft, eenzel per Courier zougestallt kritt, och wann déi zwee Partner op därselwechter Adress wunnen. Dëst stellt awer net nëmmen e grouse finanziellen Opwand duer, mä ass och nach mat vill Aarbecht an Zäit fir de Steierbüro verbonnen.

Duerch dëse Projet de loi 6964 gëtt eng Derogatioun zum Prinzip vun der Notification individuelle agefouert, am Fall wou eng bestuete Koppel oder gepacste Koppel, déi zesumme besteiert ginn, op därselwechter Adress wunnt. Duerch dës Ofännerung am Gesetz geet et an Zukunft duer, wann d'Steierverwaltung enger Koppel, déi zesumme besteiert gëtt an och nach op därselwechter Adress wunnt, eng eenzeg Décisioun zoustellt.

Dëse Courier gëtt dann un déi zwee Partner gläichzäiteg adresséiert. Dat heescht, op der Notification stinn d'Nimm vun deenen zwee Partner drop. An domat gëtt da présument, dass d'Décisioun vun der Verwaltung dann och deenen zwee Partner offiziell zougestallt gouf.

Dëst geet awer just, wann déi zwee Partner och wierklech op därselwechter Adress wunnen, well wa se op zwou verschidden Adressen wunnen, ginn och zwee Bréiwer verschéckt.

De Steierzueler behält awer weiderhin och d'Méiglechkeet, fir eng individuell Notification unzefroen. Dës muss awer dann express bei der Steierverwaltung ugefrot ginn. Duerch dës Ännerung gëtt domat gerechent, dass fir dëst Joer, dat heescht fir d'Joer 2016 nach eng 280.000 Euro kënnen agespuert ginn, an d'Estimatioun fir 2019 beläit sech souguer op 370.000 Euro, déi kéinten agespuert ginn, just fir ee Joer, duerch dës Mesure.

Här President, dëse Gesetzestext huet zwar nëmmen een Article unique, mä en erlaabt der Steierverwaltung, vill Zäit a Suen ze spueren, ouni dass d'Leit doduerjer manner gutt informéiert ginn. Et war souguer eng Demande vu ville Leit, fir just ee Steierbulletin zesummen ze kréien, well dat och méi einfach ass fir hiert Verständnis.

Ech mengen, dëst ass eng gutt Mesure, well se zu engem nach méi verantwortlechen Émgang mat de Steiergelder féiert.

Ech wëll dann och op dëser Plaz dem Finanzminister souwéi och de Leit vun der Steierverwaltung villmools Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht mam Parlament, an ech ginn den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och der Madamm Rapportrice. An d'Wuert huet elo direkt den Här Gilles Roth. Här Roth!

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'Éischt der Rapportrice, dem Joëlle Elvinger, Merci fir en exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport. Si huet dat gesot: An Zukunft wäerten d'Décisiounen insgesamt vun der Steierverwaltung un d'Leit, déi bestuet oder gepacst sinn an zesumme wunnen, nach just un d'Koppel adresséiert ginn, et sief, si froen ausdrécklech, zwee Exemplairen ze kréien. An da kréien d'Leit nëmmen ee Steierbescheid, een Dekont oder ee Courier mat der Fixatioun vun den Avancen, et sief, si froen ausdrécklech, der zwee weiderhin ze kréien.

D'Vereinfachung besteet eigentlech, an d'Madamm Elvinger huet dat ënnerstrach, dass d'Leit nëmmen ee Courier méi an d'Haus kréien. Et stelle sech awer eng Rei Froen mat deem neie System.